

Kreative Isolation

(eh) - ***What we must*** heißt das neue Album des 10-köpfigen Jazz-Kollektivs Jaga (vormals bekannt als Jaga Jazzist) und damit ist der norwegischen Band ein episches Meisterwerk gelungen. Nach endlosem Touren und nachdem die Arbeit an der Platte nur schleppend voranging, flüchtete sich Jaga in ein isoliertes Studio in den norwegischen Wäldern und nahm live in nur einem Take das Demo "Spydeberg Session" auf. Zurück im Studio wurde diese Session als Basis für das aktuelle Album benutzt - für die Band ist das vielleicht die radikalste Entwicklung in ihrer bisherigen Karriere. Hier feiert die Gitarre triumphal ihre Rückkehr, und trotzdem wird den abstrakten Gesangspassagen und dem Glockenspiel noch genug Platz eingeräumt. Die Band testet ihre musikalischen Grenzen und verbindet auf eine gefällige Art und Weise die Elemente des Jazz' mit traumhaften Melodien aus dem Bereich des Post- und Psychedelic-Rock. Ein absoluter Geheimtipp!

Jaga, What we must, Ninja Tune, 2005.



Alternative Insel

(cm) - Texas ist nicht nur der Sitz der Bush-Familie, sondern auch des alternativen Labels ***Daemon Records***. Geführt wird dieses Non-Profit-Unternehmen von Amy Ray, besser bekannt als die eine Hälfte des Folk-Duos Indigo Girls. Während die Indigo Girls ihre CDs beim Multi Sony veröffentlichen, pflegt Ray parallel ihr buntes und äußerst lebendiges Biotop, in dem vor allem politisch links orientierte Bands ein Zuhause gefunden haben. Ideologisch ist die Richtung klar definiert, musikalisch wird Punk, Folk und Country geboten - allerdings jenseits aller Klischees, die mann/frau heutzutage häufig mit diesen Genres verbindet. Hier findet eine Musik, die immer mehr vom Mainstream geschluckt wird, zurück zu ihrem eigentlichen kämpferischen Anspruch. Der Katalog von Daemon Records ist eine wahre Fundgrube: Zwischen den wütenden Lyrik-Attacken des Duos "Athens Boys Choir" und dem wunderschönen Mitsing-Folk von Gerard McHugh lässt sich genüsslich stöbern. Zu den Highlights im Programm gehören auf jeden Fall die beiden Soloplatten von Amy Ray, das rotzige "Stag" und das etwas poppigere "Prom", und allen voran das tolle Album "Little Star" der Band Girlyman. Hier vermischen sich zuckersüße Harmonien, liebevoll altmodische Arrangements und bitterböse Texte. Besonders toll: der Song "Commander" - eine treffliche Abrechnung mit dem ungeliebten Präsidenten. "They made you commander when you couldn't be it."

www.daemonrecords.com



Penser photo

(RK) - Se passionner pour les aspects techniques de la photographie nuit-il à la sensibilité artistique? Le site personnel de ***Petteri Sulonnen*** (en anglais) est là pour prouver le contraire. Certes, on y trouve de nombreux tests de matériel - il admet lui-même être un peu accro. Même sur ces pages-là, le ton est convivial et les illustrations sont intéressantes. Dans les "How to", on trouve des explications sur le noir et blanc en digital ou sur l'usage des grands-angles. La véritable richesse du site se trouve sous "Essays". Il dénonce de manière convaincante que "les télés c'est pour les lâches" - la photo sur le vif se pratique de près. Et dans "Boring photographs", il développe une théorie esthétique à l'usage des photographes "normaux". Plutôt que d'avoir des ambitions artistiques qui n'aboutissent qu'à des photos ennuyeuses, il nous conseille de chercher à bien photographier les choses qui nous intéressent.

http://194.100.88.243/petteri/pont

THEATER

Dëlpessen a Spannenauderen

Den Till Eilespigel kritt se all drun.

(Foto: Schankemännchen Asbl)

Et ass schonn eng Traditioun: All zwee Joer spillt d'Asbl Schankemännchen zu Groussbus Theater. Dest Joer steet den Till Eilespigel um Programm.

Till Eilespigel, inszenéiert vum Clod Thommes, den 20., 21., 22., 23., 27., 28., 29. an 30. Juli um 21 Auer am Prommenhaff zu Groussbus.

"Haut sträiche mer da scho mol net un", seet de Clod Thommes a stuerkt traureg op seng hallef fäerdeg Kulissen. Zu Groussbus reent et richteran an et ass alles, datt dat klengt mëttelalterlecht Duerf, wat se am Prommenhaff opgeriicht hunn, net fortschwëmmt. An dat ass nëmmen ee vun deene sëlleche Problemer, mat deene sech den Hobbyschauspiller a -regisseur kuerz virun der Première vum Jemp Schuster senger Adaptatioun vum "Till Eilespigel" muss ploen.

En hat sech d'Aarbecht als Regisseur net sou ustrengend virgestallt. Zënter 12 Joer geféiert de Clod Thommes fest zur Equip vun der Theaterasbl "Schankemännchen". 1993 huet hie fir d'éischt am Stéck "De Schankemännchen" d'Titelroll gespillt. Haut ass seng Fra Präsidentin vum Comité, a seng zwee Bouwen Max a Ben si quasi mam Theater grouss ginn. Als Kand hätt de Max esouguer verlaude gelooss, wëllen derbäi ze bleiwen bis en d'Haaptroll kréich - dës Kéier war et bal sou wäit, mee do haten déi zwee Bridder schonn aner Projeten - ënner anerem an hire Bands Inborn a Pubbles, mat deene se an de leschte Méint zimlech aktiv waren.

Trainerwiessel

Dofir huet de Clod Thommes awer e ganze Koup aner Amateurakteuren, mat deenen hie muss jongléieren. "Ech hunn nach ni esou eng grouss Trupp dirigéiert", seet en. Mee d'Aarbecht mat de Schauspiller mécht him Spaass, wa just net ëmmer alles géif beienee kommen. Gläichzäiteg spillt hien nämlech och nach am Claude Mangen sengem "Op der Kirmes" mat, an eng "richteg" Aarbecht huet hien donieft och nach. "Congé culturel" war net dran, dofir ginn et elo e puer Wochen mat wéineg Schlof: "Déi professionell Kënschtler verstinn net ëmmer wéi schwéier datt et ass, als Amateur den Job mat der Konscht ze verbannen."

"Professionell Kënschtler" sinn zu Groussbus keng derbäi - dat wollt de Clod Thommes och net. Wéi de Jemp Schuster décidéiert huet d'Regie ofzeginn, "well all gudde Fussballsclub och emol den Trainer muss wiesselen", do war et fir den haaptberuffleche Gemengebeamte kloer, datt hie géif d'Charge iwwerhuelen. E Regisseur aus dem Theatermilieu wollte se net komme loossen, well dee mat deene besonneschen Emstänn zu Groussbus vläicht net ëmzegoe gewosst hätt. "Et ass eng Trupp vu 50 Akteuren, déi heihinner komme fir Spaass ze hunn", erklärt de Clod Thommes. Do brauch een e Stéck mat ville Rollen, fir datt och jiddwereen zum Zuch kënnt. Am "Till Eilespigel" gëtt et nëmmen eng Haaptroll - dat ass schonn zënter e puer Joer net méi virkomm. Virdrun stoung ëmmer eng Grupp Acteuren am Mëttelpunkt. De Regisseur léisst duerchblécken, datt et och alt emol Rivalitéite ginn an datt ee schonn e bësse Fangerspëtzegefill brauch, fir datt herno jiddwereen mat sengem Part zefridden ass. Emmerhin besteet d'ganz Trupp aus Bénévolen, a wann ee scho seng ganz Fräizäit an e Projet investéiert, da wëll een och e Wuert matschwätzen ...

Zesummenaarbecht

E puer aus der Schankemännchen-Equip hu wéi de Clod Thommes de Wee an aner hallef-professionell Ensembelë fonnt, fir déi meescht awer beschränkt sech den Theater op de Rendez-vous all zweet Joer am Prommenhaff. Verschiddener waren dofir och verschotert, wéi d'Dänzerin Annick Pütz koum fir hinnen e Cours a Kierpersprooch ze ginn. Sech op ongewéinlech Manéier bewegen an dobäi komesch Geräischer maachen - dat war net jiddwerengem Senges. Mee et huet awer eppes bruecht, mengt de Regisseur, fir e bëssen Technik mat eranzebréngen, ouni awer d'Freed um Spillen ze verdierwen: "Dat Wichtegst ass ze wëssen, bis wouhin een d'Leit ka fuerderen." D'Gesangsprouwen mam Serge Tonnar, deen och d'Musek fir d'Stéck geschriwwen huet, goufen do direkt mat méi Begeeschterung opgeholl. Musek a Gesank geféieren zu der Asbl Schankemännchen, mee och aner Spillaarten vum Theater fléisse mat an: Pantomim, Danz, gär och mol e bësse Cabaret, wann de Jemp Schuster als Premierminister optrëtt.

"Grotesk a geckeg" wollt de Clod Thommes säin "Till Eilespigel". Am Proufsall hänken reieweis knätschfaarweg Kostümer mat vill blénkegem Emgeréits drun. Dat huet hien sech e bësse bei Maskénada ofgekuckt, déi mat hirer greller Readaptatioun vun "Op der Kirmes" begeeschtere konnten. Och wann d'Leit an den Eislécker Scheieren d'Trupp vun auswäerts heiansdo skeptesch bekuckt hunn: "Wëllen déi eis lo léiere wéi een Theater spillt?" Do huet d'Equip vu Groussbus et méi liicht. De Publikum ass all Kéiers um Rendez-vous an akzeptéiert d'Konzept vum Spektakel. Och wéi d'Stécker ëmmer méi zäitgenëssesch gi sinn, huet den Erfolleg net nogelooss. Dem Clod Thommes geet awer e bëssen de Wapp: "Wäerten d'Leit kommen, wann de Jemp Schuster net méi d'Regie mécht?"

Et schéngt de Summer ze sinn vun de Gecken an de sympathesche Verléierer: Fir d'éischt reit den Don Quichotte iwwert eis national Theaterbühnen, dono baakt den Till Eilespigel "Dëlpessen a Spannenauderen", nëmme well e genervte Bäcker sech där liichtfankeg bei him bestellt. Hien hëllt gär alles wuertwiertlech an dofir entlarvt hie Virurdeeler. De Clod Thommes iergendwéi och - hien huet kee Problem domat, wann hie beim Schankemännche vu Volleksteater schwätzt. Volleksteater am Sënn vun Zesummenaarbecht: vun de Leit fir d'Leit. Mee och Shakespeare war jo ganz am Ufank virun allem Ennerhalung fir de grousse Publikum. E bëssen iergert sech de Regisseur a Schauspiller driwwer, datt de Schankemännchen net esouvill Opmierksamkeet an der Effentlechkeet kritt, wéi déi méi prestigiéis Spektakelen. Tjo, wann dach nëmmen de Ralph Fiennes sech géif zu Groussbus d'Laachkap opdinn ...

Claudine Muno

Et ass net sécher gewosst, ob den Till Eilespigel gelieft huet oder nëmmen eng erfonnte Figur war. A sëlleche Romaner gi seng Spiichten opgezielt, déi eelst Versioun staamt aus dem 16. Joerhonnert. Den Till Eilespigel mecht seng Matmënsche rëlles, andeems en hir Spréchwierder wuertwiertlech interprétéiert. De Jemp Schuster beschreift de Personnage esou: "Hie mécht de Geck mat den Institutiounen, deene kierchlechen a weltlechen, awer och mat de Leit, déi zevill guttgleeweg sinn, an dofir op seng Spiichten erafalen."